



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 504 vum 20. Mäerz 2024 vum honorabelen Deputéierten Här André Bauler an vun der honorabler Deputéiert Madamm Carole Hartmann.

1. Wéi vill Aarbechtsmedeziner schaffen zur Zäit hei am Land? Wéi vill vun hinnen hunn d'Lëtzebuerger Nationalitéit? Wéi gesäit d'Altersstruktur vun dësem Berufsstand aus?

Am Ament schaffen 102 Aarbechtsmedezinner, 70 Fraen an 32 Männer, hei am Land. Dovunner sinn der 91 direkt an den aarbechtsmedezinesche Servicer engagéiert, 4 schaffe bei der ADEM, 2 um Conseil arbitral de la sécurité sociale, 2 beim CGDIS an 3 Aarbechtsmedezinner si bei der Division de la santé au travail vun der Direction de la santé tätig.

Vun deenen 102 Aarbechtsmedezinner hunn der 25 déi lëtzebuergesch Nationalitéit.

Enner Berécksiichtigung vun allen Aarbechtsmedezinner déi hei am Land schaffen ergëtt sech follgend Verdeelung:

Geburtsjoer	Unzuel
1956-1959	8
1960-1964	17
1965-1969	13
1970-1974	19
1975-1979	20
1980-1984	15
1985-2000	10
Total	102

Bei dëse Chiffere muss een allerdéngs berücksichtegen datt net all Aarbechtsmedezinner 40 Stonnen an der Woch schafft. Déi absolut Zuele vun den Aarbechtsmedezinner esou wéi se hei presentéiert sinn, sinn also mat dëser Aschränkung ze betruechten.

2. Wéi vill Aarbechtsmedeziner ginn déi nächst Jore gesicht fir d'Ofgäng an d'Pensioun ze kompenséieren a fir dem wuessenden Aarbechtsmaart gerecht ze ginn? Ass mat enger weiderer Verstärkung vun der Penurie un Aarbechtsmedeziner ze rechnen?

Et ginn haut schonn 8 Aarbechtsmedezinner, déi de Pensiounsalter errecht hunn an déi awer nach schaffen. An den nächste 5 Joer hunn dann nach eng Kéier 17 Aarbechtsdokteren de Pensiounsalter errecht, an an 10 Joer nach eng Kéier 13. Esou datt eis dann 38 Aarbechtsdoktere feelen, wat ronn 37% vum aktuellen Effektiv entsprécht.



Den Artikel L.322-3 vum Code du travail, seet : « *Un médecin du travail ne peut prendre en charge plus de cinq mille salariés* ». Wann een dëst z.B. op de Service de santé au travail multisectoriel (STM) applizéiert, bedeit dat datt do schonns am Joer 2022, 17.4 Aarbechtdokteren à temps plein gefeelt hunn.

Et gëtt geschat datt mir an den nächsten 10 Joer op mannst 50 nei Aarbechtsmedezinner benéidege fir dem Besoin gerecht ze ginn.

3. *Wéi kéint, graff ëmrass, eng Moderniséierung vun der Aarbechtsmedezin a punkto Struktur a Fonctionnement ausgesinn?*

Déi betreffen Institutiounen a Servicer sinn am gaange Pisten opzezeechne mat deenen een engersäits der Penurie entgéintwierke kéint an anerersäits de Fonctionnement iwwer eng Upassung vum legale Kader an enger verstärkter Moderniséierung e.a. duerch d'Digitalisatioun vun de Prozesser ka méi efficace gestalten.

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez